adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
01 AOUT 2019
1002

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Wéinst rezenten tragesche Virfäll op Garë stellt sech verstäerkt nees d'Fro vun der Sécherheet vun de Passagéier, besonnesch op de Quaien. De Risiko besteet natierlech ëmmer, datt eng Persoun virun e Zuch fält, respektiv fräiwëlleg virun en Zuch spréngt oder vun enger drëtter Persoun virun en Zuch gestouss gëtt. Mam nämmlechte Problem konfrontéiert, sinn an anere Länner scho konkret Moossname geholl ginn, fir d'Sécherheet vun de Passagéier ze verbesseren. A Japan, mee och am Londoner Metro, gëtt et beispillsweis tëschent dem Quai an de Gleiser eng transparent Barrière mat Dieren, déi eréischt opginn, wann den Zuch och wierklech steet.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Transportminister net vläicht der Iwwerzeegung, datt d'Quaien zu Lëtzebuerg och missten ofgeséchert ginn, vergläichbar mat deene Moossnamen, déi an anere Länner geholl ginn, fir d'Sécherheet vun de Passagéier ze verbesseren?
2. Kéint esou e System, wéi deen a Japan oder am Londoner Metro och zu Lëtzebuerg ageféiert ginn?
3. Wéi héich wär de Käschtepunkt?
4. Wéi géingen dës Käschten tëschent der CFL an eventuell dem Staat opgedeelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 26 août 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 AOUT 2019

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse la question parlementaire N°1002 du 1er août 2019 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant la sécurité dans les gares, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 1002 vum 1. August 2019 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

Mat der parlamentarescher Fro n° 1002 vum 1. August 2019 wollt den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser sech iwwert d'Installatioun vu Sécherheetsbarrièren op de Quaien an de Garen informéieren.

Et ass richteg dat sou Systemer aus Sécherheetsgrënn am Ausland zum Asaz kommen ënnert der Conditioun dat d'Rullmaterial wat do zirkuléiert eenheetlech ass, dat heescht dat d'Breed vun den Entréesdiere souwéi d'Plaz vun den Dieren identesch musse sinn bei allen Zich. Dëst ass oft de Fall am Ausland op de Métros Linnen oder bei Zich vun enger eenzeger Eisebunnsgesellschaft déi selbststänneg zirkuléieren, mat oder ouni Chauffeur, an automatesch ëmmer op der nämlechter Plaz stall halen.

Op Eisebunnsstrécke wou méi Eisebunnsgesellschafte mat ënnerschiddlech zesummegesaten Zich (Automotricen, Ramen, TGV,...) fueren, wéi et oft de Fall ass - eben och wéi hei zu Lëtzebuerg, ass eng Installatioun vu sou Barrièren onméiglech.

Fir d'allereischt bräicht een europawäit technesch interoperabel Spezifikatiounen déi d'Héicht, d'Breed an d'Equidistanz vun den Diere festhale fir dat Quaien mat sou engem System kéinten ausgestatt ginn.

Dee gréissten Deel vun de CFL-Zich sinn nei a wann een déi restlech Liewensdauer bedenkt, si sou Moossnahmen net méiglech an och net sënnvoll, weder aus technescher nach aus wirtschaftlecher Perspektive.